I-2023-O-M-7790-01 (n°4233)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

2

# MOTIOUN

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2024
Dépôt: Jeff Boonen
CSV-Fraktioun

HA- Nouveaux CG Jr.

**D'Chamber**

- Hëlt zur Kenntnis, datt d'Europäesch Kommissioun en neie legale Kader wëll schafe fir Planzen, déi iwwert Nei Genomesch Technike (NGT) geziicht gi sinn, ze reguléieren.
- Begréisst, datt déi Nei Genomesch Techniken an 2 Klassen opgedeelt ginn:
    - NGT 1: Planzen, deenen hier gentechnesch Verännerungen och ob natierlechem Wee oder duerch konventionell Ziichtung hätte kënnen entstoen;
    - NGT 2: all aner genetesch verännert Planzen, déi weiderhi wéi OGMen no der EU-Direktiv 2001/18 gehandhaabt ginn.
- Stellt fest, datt Patenter och am Beräich vum NGT 1 virgesi sinn.

**Invitéiert Regierung**

- D'Propose vun der Klassifizéierung ze ënnerstëtzen an esou Lëtzebuerg een Opt-out am NGT 2 ze erlaben;
- Eng Initiativ ze huelen, datt bei NGT 1-Planzen, esou wéi bei de konventionellen Ziichtungsmethoden, keng Breveten erlaabt sinn, mee datt des nei Technologie ënnert déi aktuell Reegele vum Sorteschutz soll falen;
- D'Kommissioun opzefuerderen, e méiglechen Impakt op d'Natur ze suivéieren.

André Bauler   Christophe Hansen   Emering Luc

Stéphanie Weydert   Jeff BOONEN   Octavie Modert

23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél.: (+352) 466 966-1 | Fax: (+352) 22 02 30
www.chd.lu